GEMENG MÄERZEG

’T ass Kiermes am Duerf

D'Gemeng Mäerzeg, d'Eventkommissioun an d'Veräiner invitéieren lech op d'Festivitéite vum

Kiermesweekend vum Freideg, 14. bis Sonndeg, 16. September 2018 mat dësem Programm:

Freideg, 14. September:

18h30: Offizielle Vernissage vun der traditioneller Kiermesausstellung mat dëse Sujeten:

- MENG DRAMSCHOUL: Schoulkanner aus dem Cycle 3 presentéieren hir Visiounen, wéi déi zukünfteg Mäerzeger Schoul soll ausgesinn;

- DE MÄERZEGER THEMEWEE vum Buedem an aus der Héicht, all Stonn eng Filmvirféierung vu 25 Minutten, Pilot: John Streff, Fotograf: Nicole Keiser;

- EIS DÉIEREWELT um THEMEWEE: Fotoreportage vum Roger Thillens;

- FASZINATIOUN BEIEVOLLEK: presentéiert vum Michel Collette an Erklärungen zum Thema „Wéi baut d'Bei" a manuell Virféierung „Beiekuerfflechten" no aler Lëtzebuerger Traditioun.

D'Ausstellung ass dee ganze Kiermesweekend samschdes a sonndes op vu **14h00 bis 18h00.**

21h30: De Club des Jeunes Mäerzeg invitéiert op déi fënneft Editioun vu sengem « Ballermann Mash-up » direkt beim Centre Turelbaach. De ganzen Owend iwwer ginn et Iwwerraschungen fir de 5. Gebuertsdag ze feieren! Special guest: IKKE HÜFTGOLD, Music by DJ Al, Warm-up by DJ Wällen, DJ DEYS, DJ FLEEX, Presented by: ELDORADIO, Sound & Light by SL Solution Design by PRINT.lu, +++50L Fräibéier ab 21h30+++

D'Late Night Bussen (www.latenightbus.lu) fueren natierlech och.

Fir all déi wou net mam Late Night Bus fueren, proposéiert de CDJ seng Nightrider-Aktioun! Bestellt zu minimum 8 ären Nightrider, an de CDJ rembourséiert iech 50% bis maximum 50€ vum Präis! Mellt iech per Privatnoriicht op der FB-Säit vum CDJ oder iwwer Email : cdj.mertzig@gmail.com!

Fir de klengen Honger ass och gesuergt a fir deen deen si kennt, fir den Duuscht souwisou!

D'Virverkeef si bei all Member vum CDJ ze kréien an op folgende Plazen:
Gulf Mertzig // Café Restaurant Marso Mertzig

VVK: 5€ // OWK: 8€

Samschdeg, 15. September:

Traditionellen Hämmelsmarsch
Mini-Kiermes beim Fussballsterrain
Kiermesausstellung am Centre Turelbaach

Sonndeg, 16. September:

8h30: Grousse Spadséierdag zu Fouss, um Vëlo, an der Kutsch, ...

Am Kader vun der europäescher Mobilitéitswoch organiséiert d'Gemeng Mäerzeg an Zesummenaarbecht mam Fierschter, de Kommissiounen, dem Grupp "Leader Atert-Wark" an dem ORT-Guttland op Kiermessonndeg, 16. September 2018 ee grousse Spadséierdag, wou d'Mäerzeger Bierger a verschidde Gruppen 3 Trëppeltier, 1 Vëlos-Tour an 1 Mountainbike-Tour elektronesch erfaassen mam Zil, ee qualitative Reseau vu verschiddene Weeër an der Gemeng Mäerzeg ze schafen.

RDV & Depart ass um 8h30 virum Pompjeesbau. Jiddereen ass wëllkomm! Ee FAIRTRADE-Ravitaillement-Posten ass virgesinn.

11h00: VINTAGE BOYS CHALLENGE! Grouss « Course contre la montre » um VËLO an den Héichten an Déifte vu Mäerzeg! RDV ass um 11h00 virum Pompjeesbau. D'VINTAGE BOYS wëlle vun de Mäerzegerinnen a Mäerzeger erausgefuerdert ginn. Ee FAIRTRADE-Ravitaillement-Posten ass virgesinn wann d'Wuede brennen! Zum Schluss gëtt et eng Kiermesdrëpp!

FAIRTRADE LËTZEBUERG

VINTAGE BOYS

14h00 bis 18h00: Kiermesausstellung am Centre Turelbaach.

16h00: Grousse Kiermesmatch FC SPORTING MÄERZEG – NORDEN 02

Mini-Kiermes beim Fussballsterrain.

Kiermes-Rätsel

Film
Trëppeltour
Steekaulen
Mäerzeg
Hunneg
Wanderen
Ausstellung
Beien
Kiermes
Natur
Themewee
Foto
Dramschoul
Kiermesweekend



1	2	3	4

5	6	7	8	9	10	11

12	13

14	15	16	17	18

Opléisung am Martiaco 03/2018